**Evangelium vum 6. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 5,20-22a.27-28.33-34a.37** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

20 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Ech soen iech:
Wann är Gerechtegkeet net méi wäit geet
wéi de Schrëftgeléierten an de Pharisäer hir,
da kommt dir net an d'Himmelräich eran.

21 Dir hutt héieren,
datt deene Generatioune virun iech gesot ginn ass:
*Du solls keen doutmaachen!*[i]
Wien een doutmécht,
dee kënnt op d'Geriicht.
22a Ech awer soen iech:
Jiddereen, deen iwwer säi Brudder rosen ass,
kënnt op d'Geriicht.

27 Dir hutt héieren,
datt gesot ginn ass: *Du solls d'Bestietnes net briechen!*[ii]
28 Ech awer soen iech:
Jiddereen, deen eng Fra begierlech bekuckt,
huet an sengem Häerz scho mat hir d'Bestietnes gebrach.

33 A weider hutt dir héieren,
datt deene Generatioune virun iech gesot ginn ass:
Du solls kee falschen Eed doen;
du solls dem Här géintiwwer deng Eeder halen!
34a Ech awer soen iech: Schwiert iwwerhaapt net.
37 Är Ried soll Jo sinn oder Neen;
alles, wat doriwwer erausgeet,
kënnt vum Béisen."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Ex 20,13; Dtn 5,17.*
[ii] *Ex 20,14; Dtn 5,18.*